

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2020

## **Kommen eis Direkteren an Zukunft aus dem Privatsecteur?**

Léif Membere vun der FEDUSE/Enseignement-CGFP,  
Léif Kolleginnen a Kollegen,

Op dësem Wee wëlle mir iech op **een aktuelle Gesetzesprojet** opmierksam maachen, deen ënnert anerem als Zil huet, d'**Zougangskonditiounen fir d'Funktioon vum Direkter respektiv vum Adjoint** fir eng Rei sougenannte "spezialiséiert" Lycéeën **staark ze lockeren**. Wat an engem anere Gesetzesprojet schonn iwwert de Summer fir d'Direktiounsposte vum **IFEN**, vum **SCRIPT** a vum **CGIE** lancéiert gouf, soll elo op déi folgend Gebaier aus eiser ëffentlecher Schoul ausgeweit ginn:

- Lycée technique pour professions de santé (**LTPS**)
- Lycée technique pour professions éducatives et sociales (**LTPES**)
- Lycée technique agricole (**LTA**)
- École d'hôtellerie et de tourisme du Luxembourg (**EHTL**)

Konkret gesäit dee besote Gesetzesprojet vir, dass d'Direktiounsposten an deenen uewe genannte Gebaier an Zukunft net méi, wéi bis ewell, exklusiv vu Fonctionnairen aus der Catégorie de traitement A solle kënne besat ginn, mee **och vu Kandidaten aus dem Privatsecteur**, genee wéi also vu **Kandidaten, déi eisen dräi Landessproochen net mächtig sinn**. Am Exposé des motifs vum Gesetzesprojet heescht et ausserdeem, dass **an Zukunft weider Lycéeën deenen uewen opgelëschten Etablissementer kënne bäigefüügt ginn**.

D'Chambre des fonctionnaires et employés publics (CHFEP), an där d'FEDUSE/Enseignement-CGFP déi zwee Verrieder vum Enseignement secondaire stellt, huet sech an hirem Avis **vehement a kategoresch géint dëse Gesetzesprojet ausgeschwat**. Genee wéi d'CHFEP ass nämlech och d'FEDUSE-Enseignement/CGFP kloer der Usiicht, dass d'Fonctions dirigeantes **nëmme vu Fonctionnaire** sollen däerfe besat ginn, also vu Kandidaten, **déi eis dräi administrativ Sproochen** (Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch) **souwuel mëndlech wéi och schrëftlech ganz beherrschen**.

**Fir eng optimal aldeeglech Kommunikatioun** tëscht deenen eenzele **Schoulpartner** (Schüler, Elteren, Enseignanten) a **Servicer** (ewéi SePAS, SSE,

Administratioun, Service technique) **kënnen z'assuréieren, ass et eiser Iwwerzeegung no vun elementarer Wichtigkeet, dass e Kandidat fir en Direktiounsposten sech perfekt mam Fonctionnement vum Lëtzebuerger Schoulsystem auskennt an eis Landessprooch souverän beherrscht.** Potenziell **Kandidaten aus dem Privatsecteur, déi** also vun ausserhalb géifen an d'Fonction publique erakommen an hei direkt eng leedend Funktioun bekleeden, **kënnen dës elementar Konditiounen net garantéieren.** Dass si dann och nach an den Examensjurye vun eise Stagiaire solle setzen an och d'Course vun de Professeren iwwerpräiwe kommen, ass absolut grotesk! Donieft géif déi geplangte Gesetzesännerung **d'Dier fir potenziellen Nepotismus grouss opmaachen.**

Deen detailléierten Avis vun der CHFEP zu dësem Gesetzesprojet, genee wéi den Text vum Projet selwer, fannt dir als Download ënnert deem folgende Link :

[Avis vun der CHFEP zum Projet de loi 7662](#)

Mat beschte Gréiss,  
De Comité vun der FEDUSE/Enseignement-CGFP